N°6462
Reçu le 11.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Äntwert vum Wirtschaftsminister Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro n°6462 vum 8. Juli 2022 vun den Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen zu de Liwwerunge vun ArcelorMittal a Russland

Jiddwer Entreprise ass dofir responsabel datt am Kader vun hiren Aktivitéiten di finanziell a wirtschaftlech Sanktioune respektéiert ginn di am Kontext vum russeschen Invasiounskrich an der Ukrain zanter dem 24. Februar 2022 no an no decidéiert goufen. Wat elo ArcelorMittal a seng Filial am Kasachstan (ArcelorMittal Temirtau – AMT) uginn, esou gëtt mir an deem Kontext vun ArcelorMittal, nieft der Kontroll vu Fall zu Fall vum Anhale vun dëse Bestëmmungen ("*due diligence*"), dësweidere schréftlech zougedroen: "*ArcelorMittal and AMT are in full compliance with applicable sanctions and related export controls*.".

Et steet engem Lëtzebuerger Regierungsmember net zou, eng Appreciatioun iwwer kommerziell Decisioune vun ArcelorMittal Kasachstan ze ginn. De Lëtzebuerger Staat als Aktionär vun ArcelorMittal ass net am Verwaltungsrot vum Grupp vertrueden. Et sief awer gesot, datt de Wirtschaftsminister bei ArcelorMittal insistéiert huet, datt di néideg Precautiounsmesure an Assurance musse geholl ginn, fir datt déi Liwwerungen di AMT a Russland mécht, net däerfe fir militäresch Zwecker gebraucht ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2022

De Wirtschaftsminister

(s.) Franz Fayot